



Photo Marc Scheffen

DÉI AL

(fräi nom Jacques Brel)

Déi Al soe näischt méi. Jhust heiansdo gesäis du hir Angscht am Bléck
Souguer räich sin se aarm. Si hu keng Illusioun an en Härz esou déck
't as eidel a propper bei hinnen doheem. Iwerall richt et no fréier
Egal wou se liewen, si liewe vill ze laang. Vill ze traureg a schwéier
As et vum Laachen, vum Kräischen. Hir Stëmme sou kleng a sou dënn
An hir Erënnerong un deemols. Mä deemols kënnt nët erëm
A wa se dann zidderen, dann as et well d'Auer aus Sëlwer um Buffet
Ronkt aus dem Salon, a seet jo, a seet nee, a seet: Dir laft mer nët fort

Déi Al dreeme nët. Hir Bicher verstëpsen. De Piano bleiwt zou
Hir Kaz as laang doud. D'Fläsch Wäin um Sonndeg mécht si nët frou
Déi Al sin doheem, hir Glidder di wéi. Hir Welt gët ëmmer méi kleng
Vum Bett nach bei d'Fënster, vun der Fënster an d'Fotell. An da vum Bett an d'Bett
A wann se eraus gin, Aarm an Aarm, an hirem schwaarze Sonndesgezei
Da nëmme wann d'Sonn schéngt. Bis op de Kiirfecht. De Marber um Graf as nei
Vergiess as dann eng Stonn laang hir Auer aus Sëlwer um Buffet
Déi ronkt aus dem Salon a seet jo, a seet nee, a seet: Dir laft mer nët fort.

Déi Al stierwe nët. Si entschlofe ganz lues, a si schlofen ze laang
Si hale sech d'Hand, fir sech nët ze verléieren, an et as hinne baang
A fir deen, deen da bleiwt, an der Fotell aleng, as d'Liewen ang Strof
Hie sëtzt bei der Fënster. Hien türrt an trëppelt an di eidel Kichen erof
Vläicht gesi der hien oder si, do geschlach kommen an Trauer a Reen
Gekrëmmt, ganz a schwaarz. Mat Aen déi kloen a froen, firwat a fir ween
A wann der heem kommt, gesi der um Buffet eng Auer aus Sëlwer
Déi pëspert am Salon, a seet jo, a seet nee, a seet: Dir laft mer nët fort.

René Clesse